



Numéro spécial

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force

# De Schwarze Pe'ter



# Fir W é n ?

## Eng Gewössensfrô un all Letzebuenger

De grëssten Dél vun alle Letzeburger huet bei der Onôfhängegkéisfeier 1939, am Krich, bei an no der Liberatio'n, bei der Rekonstruktio'n, bei der Epuratio'n bewisen, datt se ömmer é grösst Ziel virun Aen hätten:

**d'Freihét — d'Onôfhängegkét — an de Wuelstand vun der Hémecht.**

Doraus ergôt sech eis Solidarite't, de' sprechwiertlech go'f, démols 1940-45, we' mer, eleng a verlöss, én op dén âneren ugewisen waren.

Wa mer haut d'Aen opmâchen, da gesin mer, datt des sche' Solidarite't nômmen me' eng Erönerong ass; a mir gesi weider, **datt eis Hémecht, trotz aller Arbecht**

vu senge Baueren,  
vu sengen Arbechter,  
vu sengen Geschäftsleit,  
vu sengen Intellektuellen,  
vun sengen Employéén

**de Kribsgank gét.**

Eise sprechwiertleche Wuelstand schwönnt vun Dâg zu Dâg, a mir sin am beschte Begröf, en «önerentwéckelt» Land ze gin.

Kuckt eis Strössen, Scho'len, Spidéler, eis Bauerenhäff, eis kleng a möttel Industrien! Kuckt rondôm lech a vergleicht mat Deitschland, dât jo «soll» de Krich verluer hun!

Kuckt rondôm lech! Lauschtert de Wieder vun eise verantwortleche Leit no a **vergleicht se mat dém, wât se mâchen!**

D'Freihét, de' eis Beschit eis mat hierem Liewen erkâft hun, go'f an internationale Verträge concessionéert, o'ni dat d'Lëtzeburger gefrôgt go'wen.

Eise Wuelstand gôt duerch d'Mösswirtschaft vun onkapabele Leit eso' strapazéert, datt én nôt me' geseit, wo' et higét.

**Aus perse'nlechen a politischen Ursachen spille mer de «Grand-Seigneur», schenken de Preisen de Krichsschued an doen d'Vollek Steiere bezuelen.**

## Op NATIONAL-Feierdâg eng NATIONAL Solidarite't Fir en NATIONALE Problem!

A letzeburger Gesetzer (z. B. d'Krichsschuedgesetz vum 25. 2. 1950) gôt d'Verfassung, de' eis helleg war, aus egoistesche Motiven mat Fe'ss getrôppelt. D'Bierger gin an 2 Klassen opgespléckt, obschon virum Gesetz all Bierger gleich solle sin.

Wann eis d'Wuel vun der Hémecht um Herz leit; wann eis Solidarite't als klengt Vollek nach ziele soll; wa mer opgeschloss an iwerluegt eis Politiker an hier Dôten observe'eren; wa mer eng Le'er aus déne battere Jôren ze'e wôllen, wo' eis Rechter verbuede wâren; wa mer frei an demokratesch an engem freie Land lieue wôllen; wa mer un d'Wuel an Zo'konft vun eise Kanner denken; wa mer nôt nach weider fir «domm Jongen» wôlle gehâle gin, da musse mer eis dach op eis Rechter besonnen an o'ni Rücksicht hårt froen:

**Sidd Dir nach Letzebuenger? - Dir, de' eis rege're wôllen?**

**Stét d'Wuel vun der Hémecht an hieren Leit nach op ärem Pane'er? - Oder vertriebt Dir friem Interessen?**

Den 23. Juni 1970 musse mir de Courage hun, eng Ke'er fest an hårt ze soen an ze weisen, datt mir als Vollek viru bestoe wôllen an nôt zo'lossen, datt mir fir «Orden an DM» verkâft gin.

An engem stölle Protest könne mir eis nôt niwent de' stellen, de' hårt d'Uelsecht sangen zu hierem égenen Virdél.

**Helleft nôt, dât trauregt Spill ze mâchen! d'Verantwortung ass ze gro'ss!**

Dofir kommt all mit Fra a Kand, Elteren a Gesöschter, Frönn a Bekannten op ons gro'ss

## DEMONSTRATIO'N den 23. Juni 1970 zu Letzebuerg. Kén darf félen!

### PROGRAMM

13.45 Auer — Rassemblement op der Foerplätz bei der Glacis-Kapell

16.00 Auer — Départ vum Cortège (Bd. de la Foire — Stäreplätz — avenue de l'Arsenal — Bd. Royal — Pôle Nord — Gölle Frâ — Chimaystrôss — Place d'Armes)

Uschle'ssend: PROTEST-RIED vum Federatio'ns-president

Vill Misère hun hei am Land gemâch:

— Eis Exilpolitiker mat hirem: «Jonge låft iwer!» Han-  
neno hun se eis sötzen a stierwe gelöss zu Tambow,  
Kirsanow, am Ural, a.s.w.

— de' 60-70.000, de' «gezwongen» an d'V.d.B. gongen;

— de' Schlaw, de' am Krich op 2 Still soutzen an zu eis söten: «Jongen, mâcht eis ké Misère! Git! Et ass nôt fir lång!» Nom Krich söten de'selwecht: «Dir hât jo nôt breichten ze göen!»

— Et ass den E'restaatsminister Josef Bech, de Mann vum Maulkuerfgesetz, vum «Schandvertrag», dén de «Karlspreis» dre't.

An dem fréeren Staatsminister Pir Dupong «wâren nach ze vill Jongen erömmkomm.»

Haut ass et esouweit, dass den Staatsminister a seng Regierung eis de schwârze Pe'ter zouspillen wôllt.

*Dât lösse mer eis nôt gefâlen!*

## Drei Bre'f

**d'letzeburgesch Krichschued-Gesetz vum 25. Februar 1950 muß eso' geännert gin, dass et kén Oennerschéd me' mecht töschend alle Letzebuenger, de' am Krich en Affér vun dém Virgoen vum Okkupant gi sin.**

Dât ass de' gro'ss Fuederong, de' mir als Zwangsrekrute'ert ganz besonnesch haut stellen an de' fir ons zum entschédende Dre'hponkt fir d'Unerkennung vun onser E'er a vun onse Rechter gin ass. Well op dâer Diskriminé'erong, de' fir ons duerch döst Gesetz geschâfen go'f, bero'en all de' Spezio'nen, de' den Zwangsrekrute'erten spe'der ömmer nés ugedoe go'fen. Dât gong eso' weit, datt d'Preisen sech bei der Aushandlung vun dem eso' traureg berühmte Schandvertrag drop beruff hun, dass sie ons nôt als regelrecht Nazi-Affér behandle könnten, nodém jo e letzeburgesch Gesetz eng deitlech Oennerschédong gemâcht hätt.

**Et ass dofir me' we' verständlech, dass onse Komitee sech ömmer nés beme't huet, des ongeheierlech Diskriminé'erong ewech ze kre'en, an datt hien ömmer nés des Fuederong bei onsen zo'ständege Ministere gestallt huet.**

Fir d'lescht war dât de 26. Mé 1970 de Fall, wo' dem Här Staatsminister Werner als Konfirmatio'n vun enger Aussprôch, an engem Express Bre'f gesôt go'f, mir ge'fen drop hålen, dass ons Rege'rong et seo' soll ofännere lösen,

1. datt d'Enrôlés de force zu gené eso' patriotesch Affér erklârt gin, we' all de' âner, de' am Artikel 36 opgezielt sin.
2. datt d'Enrôlés de force Recht op de'selwecht Entschiedegong hun we' de' Sinistre'ert, de' am Artikel 39, c) opgezielt sin.
3. datt de' Entschiedegong, de' mir nôm Artikel 43 kritt hun, als «Avance» betruecht ge'f.
4. datt d'Enrôlés de force aus patriotesch Grönn hier Scholdfuederong ge'nt de letzeburgesch Staat eso' lång zrêckstellen bis d'Bundesrepublik Deitschland bezuelt huet.

Obwuel dât eng kloer an deitlech Sprôch war, wôllt den Här Werner onse Vertrieeder beibréngen, den Artikel 43 vum Krichsschuedgesetz ge'f ons mat dénen âneren Nazi-Affér gleichstellen.

An engem zwéte Bre'f u seng Adress, date'ert op de 27. Mé 1970, hu mir nogewisen, datt dât nôt de Fall ass, well den Artikel 36 gené de' Perso'nekrésser opzielt, de' an de Genoss vun den Entschiedegonge komme können, de' am Artikel 35 opgezielt sin. **Oennert keng vun dénen 8 Kategorien, de' am Artikel 36 ernimmt sin, fâlen d'Enrôlés de force, so'datt sie nôt entschiedigt könne gin, we' de' Perso'nen, dénen hir Haltong am Krich vun dessem Gesetz als «attitude patriotique» bezéchent gôt.**

Ons Opfâssong gôt iwregens bestätegt duerch de' geschichtlech Virgâng öm döst Gesetz. Well d'Ligue «Ons Jongen» huet sech — entgé'nt der Behâptong vum Här Staats-Conseiller Welter — ömmer ge'nt d'Krichsschued-Gesetz gewirt, gené we' ons Fédératio'n et spe'der och gemâch huet. **An onse Komitee huet kén Hêl draus gemâch, datt all Idie vun nationaler Solidarite't Lige bleiwe missten, so'lâng we' de Letzeburger Gesetzgeber den Artikel 43 nôt ge'f ôfschâfen.**

**Wât huet den Här Staatsminister ons dorop geântwert?**

En huet sech fir d'escht op d'Gesetz vum 25. 2. 1967 beruff, mat dém — no senger Ménong — all de' effektiv Diskriminé'erongen, de' nach an der Behandlung vun den Enrôlés an hieren Nokommen bestân hun, gestrach gi sin an de **moralesche** Statut, dén den Zwangsrekrute'ert rechtlech zo'stèng, hinne gesechert gi wâr.

Me' weit hätt ons Chamber nôt wôlle goen, an sie hätt den Artikel 7 vun dessem Gesetz gestrach, obwuel grâd domat d'Rege'rong, base'eret op den Artikel 30 vum Gesetz vum 1950, wôlles gewiescht wâr, dé Forfait, dé mer démols kritt hätten, a gewösse Fäll vun enger länger Zwangsrekrute'erong ze revide'eren.

Wann é scho mösstrauesch ge'nt eso' en onpräzisen Ausdrock muss gin, da gött én et nach me', wann én den Text vun dém ernimnten Artikel 30 hól. Hien laut:

«Hien (de Minister vum Dommage de Guerre) kann ausnahmsweis, no Bespriecheong am Minister-Rôt, Entschiedegongen zo'gestôn, fir Härtefäll ze verhônneren.»

**Onse Grand-Duc JEAN huet duerch seng Präsenz bei onser leschter Journée Com-mémorative um Kanounenhiwel a bei der 1. Journée de la Solidarité Nationale zu Pe'teng seng Verbonnenhét mat ons bewisen.**

**Firwât nôt och ons Rege'rong?**

Et ass jidderengem kloer, datt mat eso' engem Virgoen, der Willkür all Diren opgesto'ss gi wärem an datt nömme de'je'neg, de' an dem Här Minister senger Gnöd gestänen hätten, zu enger Entschiedegong komm wärem.

**Op eso' e Gesetztext hu mir démols geflét a mir machen et och nach haut. Well hien hätt de' Diskrimine'erong, de' bestänen huet, nach me' gross gemäch an se mötten önnert d'Zwangsrekrute'ert selwer gedroen. An zwar mat der Absicht «Divide et impera!» «Spléck se, da bleifs de Méschter!»**

Wann den Här Werner schreift, d'Rege'rong ge'f haut zécken, fir nés eng Debatt iwert d'Domage-de-Guerre-Gesetz unzefänken, well d'Ofännere vun engem Punkt änerer no sech ze'e ge'f, wät d'öffentlech Ménong nôt verstoe ge'f, da könne mir him dorop äntweren, dass d'öffentlech Ménong, zo' däer mir Zwangsrekrute'ert jo schle'sslech och gehe'eren, och nie verstänen huet, we' eso' en ongerecht an diskrimine'erend Gesetz jé vu Letzeburger ge'nt Letzeburger gestömmt konnt gin.

D'Haltong vun den öffentlechen Autorite'ten — so schreift den Här Staatsminister weider — hätt nie eppes gemäch, wät ge'nt den Zwangsrekrute'ere'ten hirt Recht op Entschiedegong gericht gewiescht wär. De' verschidde Rege'rongen hätten mat politischen a juristesche Möttel versicht, ons Fuederongen bei Deitschland duerchzesetzen.

**Erläbt, Herr Staatsminister, dass mer lech froen, op Der domatt de «Schandvertrag» mengt? Vill äneres hu mer an däer Richtong leider nôt erliewe können!** A wann Dir ons derun erönnert, mir hätte gesôt, ons Fuederongen ge'fen sech ausschle'sslech un Deitschland richten, da äntwere mir: «Dât stömmt, mais op dém Wé iwert ons Rege'rong!» Well de' jo d'Interesse vum Vollek, an zwar vum letzebuergesche Vollek vertrie'de soll!

d'Behäptong vum Här Staatsminister, mir hätten, op Grond vum Artikel 43, de' gleich Rechter, we' d'Artikele 36 an 39 c et ausweisen, hu mer scho widerluegt. Mir wölle nömme nach dât hei froen: «Wann Aer Behäptong stömmt, Här Minister, firwät sin d'Enrôlés de force dann nôt entschiedegt gin, we' de' äner? — A wann Dir schreift, et konnt é vum Standpunkt vun der patriotescher Gleichstellung soen, d'Gesetz me'ch kén Oennerschéd töschend dénen engen an dénen äneren, firwät, Här Staatsminister, fe'ert Dir d'Gesetz dann nôt eso' aus?»

Vun onsem Virschlag, d'Gesetz ausdrécklech ze änneren wät ons Globalentschiedegong (gemäß Artikel 43) ugét, mengt den Här Werner, e ge'f him aus prakteschen a juristesche Grönn, schwe'er duerchfe'erbar schengen, (difficilement viable) well mir jo dann op ons Usprech vis-à-vis vum Letzeburger Staat verzichte missten.

Här Minister, mir sin der Ménong, dass dât guer ké Problem wär, **wann Dir emol derfir ge'ft suergen, dass d'Preisen — we' mir et schon**

**zönter Jôre verlängen! — hir Schold richtig unerkennen a blechen! Mais ass et nôt gräd dât, wät lech «difficilement viable» schengt?!**

Op jidde Fall göt Aer Versechrong, de Rege'rongsrôt hätt seng Zo'secherong gin, fir de' ne'deg reglementaresch a gesetzlech Mesüeren ze treffen, wann eng direkt oder indirekt Entschiedegong duerch Deitschland Gestalt unhuele ge'f, ons nôt de' mannste Satisfaktio'n. Weist ons le'wer, dass Dir alles macht, wät Dir konnt, fir dass dât «Gestalt-unhuelen» endlech Wirklechkét göt. 25 Joer nôm Krich wär et de' he'chsten Zeit!

A wät solle mer dervun hâlen, wann Dir ons versechert, Dir hätt nie verfêlt, onse Membren hir Wönsch seriös a mat Bienveillance ze önnersichen? Wa mer d'Resultater kucken, da musse mer soen, et wär méschtens beim Oennersichen bliwen.

Doduerch kre'en Aer Wieder, mir könnte secher sin, dass et d'selwecht wär fir de Fall, dass d'Démarchen um internationale Plang e Resultat erge'fen, e ganz äneren, nämlech hiere richtige Sönn: **Do neischt, an hei och neischt fir d'Zwangsrekrute'ert!**

Iwregens: Wann d'Démarchen e Resultat erge'fen! — Wäre et nôt un lech, dât Resultat erbei ze fe'eren, an nôt et öfzewarden?!

Dir hätt also guer nôt ne'deg gehât, deser «Zo'so» nach d'Reserve matzegin, d'Erföllong vun eise Wönsch misst sech mam «intérêt général» verdroen. De' Hannerdir wär nôt ne'deg gewiescht. Mir hun och eso' verstän.

Gené we' mer och verstin, wät Der wöllt soen mat Aerem Sâtz, Dir ke'mt an engem spe'dere Bre'f op d'Fro vun engem Sozial-Dengscht fir ons zrêck an Dir ge'ft dann eng konkret Propositio'n mâchen.

**Dât héscht op Letzeburgesch: Jongen, sidde sche' brâv a wârt nach! Lösst iech weider als «domm Jongen» behandeln, we' an der Vergângenhét! Wo'me'glech nach eng Ke'er 25 Joer lîng! Dann ass Aere Problem vum selwe ge'le'st! Duerch Aeren Do't!**

**Nén, Här Staatsminister a Minister vum Dommage de Guerre, dé Versuch bleiwte e Versuch!**

Et ass eis haut vill ze vill kloer, dass an déne vergângene 25 Joer ké Fortgank an onser Sâch geschitt ass, obwuel jidderén se als legitim erkläert huet, eso'guer ons Politiker, de' awer nömme dervun geschwât hun o'ni ze handeln!

**Elo gét et duer!**